

OP DE PUNKT.

Oktober 2026

MIR HUNN ET GEMAACH!

An de leschte Jore hu mir onsen Walprogramm konsequent ëmgesat, an domat eis Gemeng méi **sozial**, **sécher**, **nohalteg** a **liewenswäert** gemaach.

WUNNEN A WIRTSCHAFTLECH ENTWÉCKLUNG

- **PAG, PAP a Bautereglement** goufen iwwerschaaft an un d'Entwécklung vun eiser Gemeng ugepasst.
- Den PAP fir **2,5 ha Gemengeland zu Rued-Sir** ass an der Prozedur.
- **Tiny Houses** sinn ab 2027 méiglech, en éischten Gemengenprojet ass an der Mach.
- Op der **Rothoicht** gouf d'Entwécklung vun enger Zone Artisanale virugedriwwen, fir Kleng- a Mëttelbetriber Plaz ze ginn. D'Bauaarbechten fänken 2028 un.

TOURISMUS A BIERGERBEDEELEGUNG

- Mir hunn de **ländlechen Tourismus** gestärkt: den Wollefswee, d'Gîtes ruraux, an d'Millebunn sinn en groussen Succès iwwert D'Grenzen eraus.
- Mat **participativen Prozesser (Hondswiss, nei Centre culturel zu Berg, nei Gesaltung vun enger Plaatz zu Menster, dem Bike-park an dem Budget participatif)** gi Biergerinnen a Bierger an d'Entwécklung vun eise Projeten agebonnen a kënnen aktiv matwierken.

VERSION FRANÇAISE
ENGLISH TRANSLATION



betzdorf.csv.lu

KANNER, JUGEND A FAMILL

- Déi nei **nohalteg Crèche zu Rued-Sir** garantéiert och an Zukunft genuch Betreuungsplazen.
- Mat „**Esou schmaacht Lëtzebuerg**“ an „**Natur géneissen**“ suerge mir an der Maison Relais fir eng équilibréiert, lokal a gesond Ernährung.
- Mir hunn **bezuelbare Wunnraum fir eis Jugend** geschaf an weider Projeten lancéiert fir d'Zil vun iwwer 20 % abordabele Wunnenge ze erreechen.
- D' **Jugendhaus** ass personell verstärkt ginn.

SENIOREN A SOZIAL VERANTWORTUNG

- Mir hunn d'Basis geluecht, fir datt **eis Senioren an eiser Gemeng** kënnen **wunne bleiwen**, an dréiwen den Projet vun enger Wunnstruktur weider.
- De **Office Social** huet eng Noutwunneng kritt fir Leit a schwierige Situatiounen temporär ze hëllefen.
- Mat „**Betzder hëllef**“ ënnerstëtzen mir mat 95.000€ sozial Hëllefswierker hei an am Ausland.
- Eng Apdikt kënnt an d'Gemeng an zousätzlech **Defibrillatoren** goufen installéiert.

SÉCHERHEET A LIEWENSQUALITÉIT

- Den éischten Agent municipal gouf agestellt a suergt fir méi Sécherheet an Uerdnung um Schoulcampus, an intervenéiert bei Verstéiss géint d'Reglementer.
- Mir hu konkret Moossname fir **méi sécher Dierfer a manner Vitesse** ëmgesat. Weiderer kommen an den nächsten Joren derbäi.
- Zonen mat Vitesse 30 sinn an allen Dierfer geplangt.
- Den **Réckbau vun der N1 zu Rued-Sir** mat Tempo 30 gouf virugedriwwen, D'Aarbechten fänken 2027 un.
- D'Stroossen zu Menster an zu Ouljen ginn erneiert.

SPORT, VERÄINER A FRÄIZÄIT

- Den neie syntheeteschen Terrain um Stadion „op Biirk“ ass Realitéit.
- De **Bike-Park** ass geplangt a wäert virun allem eis **Jugend** eng nei flott Méiglechkeet fir Sport a Fräizäit bidden.
- **Outdoor-Dëschtennis** bid nei Méiglechkeete fir Sport a Fräizäit.

- Ons Ekippen „**Régie an “Événement“**“ ënnerstëtzen eis Veräiner bei Opriichten a Logistik.
- Méi **Eventbusser** suerge fir eng besser Mobilitéitsoffer.

ËMWELT, ENERGIE A WAASSER

- Mir sinn mei autark ginn, an verbrauchen ons nohalteg Energie elo selwer
- **Digital Waasserzieler** sinn baal all installéiert fir Fuitten éischter z'erkennen an de Verbrauch besser ze iwwerwaachen.
- **1000m3 Waasserreserven zu Roodt-Syr. Den Bau vum Wasserbehälter** fänkt am Hierscht un.
- Den Projet fir e **performante Ressourcencenter** um SIGRE ass ausgeschafft an gët Realitéit.

Mir hunn vill geschafft. Mir hunn viles ëmgesat. Mir hunn d'Gemeng Betzder weiderbruecht.

A MIR MAACHEN WEIDER!



ENGAGÉIERT FIR EIS GEMENG MAACH MAT!

Mir gestalten aktiv d'Zukunft vun eiser Gemeng! Wëlls de dech mat abrenge an dech fir d'Entwécklung vun eiser Gemeng asetzen? Komm bei eis, bréng dech an an erschaf zesumme mat eis konkret Verännerungen, déi d'Zukunft vun eis all verbessern!

BETZDORF@CSV.LU

